N° 7005
Entrée le 17.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7005 vum 17. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Paul Galles an vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel.**

- Wien huet d'Semaine de la Santé mentale an d'Liewe geruff a vu wiem gëtt se aktuell organiséiert?

Säit 2005 gouf regelméisseg Sensibiliséierungs- an Informatiounsaarbecht zur Suizidpréventioun geleescht. Dës gouf vun ënnerschiddlechen Fachberuffer aus dem Beraich vun der psychescher Gesondheetsversuergung initiéiert an spéider integréiert an "Vernetzungsinitiativ fir Suizidpréventioun"; der heiteger Organisatioun "Ligue Luxembougeoise d'Hygiène Mentale". Dëst huet zur Ausaarbechtung vum nationalen Suizidplang gefouert. D'"semaine de la santé mentale" ass eng vun den Aktiounen aus Suizidplang, den am Joer 2015 vum Gesondheetsministère an d'Liewen geruff gouf, an ass een vun den zentralen Instrumenter wat d'Suizidpréventioun betrëfft.

Säit 2018 gëtt all 2 Joer d'"Semaine de la santé mentale » organiséiert. An de Joeren do tëschent gouf et jeeweils een spezifeschen Themendag am Zesummenhang mat der psychescher Gesondheet. Die éischt Editioun am Joer 2018 stoung am Zeechen „Depressioun, looss eis doriwwer schwätzen" an die zweet Editioun 2020 stoung ënnert dem Motto „Alleguer verbonnen". An der drëtter an aktueller Editioun gouf et e puer verschidden Aktiounen, déi iwwert d'ganz Land verdeelt waren ënnert dem Motto „meng Gesondheet ass och meng psychesch Gesondheet".

Den Centre d'Information et de Prévention (CIP) vun der Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale asbl (LLHM) ( https://www.prevention-psy.lu/) ass fir d'Ausschaffen an d'Organisatioun em d' „semaine de la santé mentale » zoustänneg.

- Wéi ënnerstëtzt de Gesondheetsministère d'Semaine de la Santé mentale ?

De Gesondheetsministère ënnerstëtzt d'Aktivitéiten vun der Semaine de la santé mentale am Kader vun enger Konventioun mat der „Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale asbl". Beim Aussschaffen vum Programm vun der Semaine de la santé mentale stoung de Gesondheetsministère an enkem Kontakt mat der Ligue.

- Wéi steet d'Regierung zur Aféierung vun enger offizieller Journée nationale de la Santé mentale?

Den 10. Oktober gëllt weltwäit als internationalen Dag vun der psychescher Gesondheet. Lëtzebuerg schléisst sech esou enger internationaler Dynamik un, wou op nationalem Niveau een oofwiesslungsraichen Programm vun Informatioun, Sensibiliséierung an Weiderbildung fir d'Gesellschaft organiséiert gëtt.

Dee groussen Interessi an die positiv Dynamik, déi sech an all de Joeren am Kader vun den Themendeeg an Themenwochen oofgezeechent hunn, bréngen vill nei Ideeën mat sech. Die zukënfteg Entwécklungen, am Kader vun der Ëmsetzung vum nationalen Plang fir psychesch Gesondheet, wäerten weisen wéi wäit d'Aféierung vun engem offiziellen nationalen Dag vun der psychescher Gesondheet sech als nëtzlech erweisen kéint.

Lëtzebuerg, den 17. November 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert